den Domaine de la Salamandre

d´Sortie op den Domaine de la Salamandre ass am Kalener vum Flyfishing Club Lëtzebuerg all Joër déck ënnerstrach an et kann een dësen Openthalt rouëg als Héichpunkt vum Fëscherjoër tituléieren. All Joër am Juni fueren d´Memberen vun eisem Club zesummen op dësen schéinen Séi deen an ongefëier 3 1/2 Stonn vun Lëtzebuerg aus ze ereechen ass. Den Lac de la Salamandre bezit säin besonneschen Charme dorausser dass hien an éngem Canyon läit deen vun 135 ha Bësch ëmgin ass, den Séi huet éng Waasserfläch vun ongefëier 12 ha an ass ëmgin vun bis zu 60 meter héihen wäissen Sanddünen, den Lac de la Salamandre ass landschaftlech gesin een regelrechten Bijou an läit am Häerz vum Département de l´Aisne. Och op dësem Site besteet d´Méiglechkeet fir an Chalets´en ze iwwernuechten an esou dauert dës Sortie dann och normalerweis dräi Deg. Fir Iiessen an Gedrenks ass och Beschtens gesuergt , een Restaurant mat énger grousser Terrase befënd sech direkt um Bord vum Waasser.

Dësen Séi ass integral fir d´Méckenfëscher reservéiert an niewend éngem gudden Bestand un Rébouforellen kann een hei och Baachforellen an Saiblingen fänken. Éng vun den Besonneschheeten ass awer mat Sécherheet dass een am Lac de la Salamandre och black Bass´en fänken kann. Dës Zort vun Fësch ass normalerweis nëmmen an Regiounen mat waarmen Waasser unzetreffen, ewell den Lac de la Salamandre waarmt Waasser féiert hun sech d´black Bass´en och hei gudd entweckelt. Et ass zwar nach ëmmer éng Raritéit een black Bass ze fänken mée et gin awer all Joër ee puer Exemplairen vun den Memberen vum Flyfishing Club gefaangen.

Vun Freides den 3. Juni bis den Sonndes den 5.Juni 2011 haten sech éng 20 Memberen vum Flyfihing Club Lëtzebuerg zu Latilly anfond fir hei Zesummen bei beschtem Wieder dräi wonnerschéin Deg ze verbréngen. Och dëst Joër sin erëm vill schéin Fësch gefaangen gin an eis Spezialisten ewei den Jung Äender hun sech net laang mat éngem Fësch zeffriden gin, née Hien huet direkt Doubletten gefaangen. Eisen Präsident, den Jeek, hat och vun der Geleenheet profitéiert fir dësen Week – end zesummen mat séngen Bouw an séngem Meedchen ze verbréngen ewell dësen Site och fir matgereesten Famillienmemberen esou Muneches ze bidden huet. Dem Jeek säin Bouw, den Pol, huet dun och direkt gewissen dass den Apel net wäit vum Stamm fällt an et gouf sech gefrot wien dann elo dës Kéier den gréissten Fëschräiber wor. Gefëscht gouf vun Moies fréih bis Owes spéid an wann net hei an do häten missen d´Reserven opgefëllt gin, wär et bestëmmt riicht duurch gaangen. Knapps erëm freën mir eis elo schon op d´ nächst Joër.